ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gläichstellungsministesch weiderzeleeden.

Et liest een am Virfeld vum Weltfraendag (8. Mäerz) op ville Plazen an der Press, datt d'Wunnengsnout hei am Land zwar *a priori* jiddereen treffe kann, mee datt Fraen dovu méi betraffe wiere wéi Männer. Et gëtt och oft een Zesummenhank tëscht der Wunnengsnout an den angeblech iwwerfëllte Fraenhaiser etabléiert (cf. Artikel „Viele Ungleichheiten haben Bestand" am Télécran vum 2.3.2022). Vill Fraen, déi vun hirem Partner mësshandelt goufen, wieren zugläich vun him finanziell ofhängeg a missten dofir soulaang an engem Fraenhaus bleiwen, bis si eng nei Wunneng fonnt hätten, wat awer fir si extrem schwiereg wier, well d'Wunnengspräisser an deene leschte Joren däitlech an d'Lut gaange sinn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

1) Wéi vill Frae liewen am Ablack zu Lëtzebuerg an engem Fraenhaus?
2) Wéi laang dauert, statistesch gesinn, den Openthalt vun enger Fra an engem Fraenhaus? Wat ass also d'Durée moyenne d'occupation?
3) Ginn et Statistiken doriwwer, wéi vill vun dëse Fraen no hirem Openthalt eng nei Wunneng fannen, a wéi vill der zréck op hir al Adress wunne ginn?
4) A wéi enger Form hëlleft de Staat dëse Fraen, eng nei Wunneng ze fannen?
5) Geet d'Madamm Minister dervun aus, datt et am Hibléck op d'Wunnengsnout hei am Land eng Donkelziffer vu Frae gëtt, déi just aus deem Grond a Fraenhaiser wunnen, well se sech keng Wunneng leeschte kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten